Juni 2018

OP DE PUNKT.

KONTAKT- AN INFORMATIOUNSBLAT VUN DER CSV GEMENG PÉITENG

CSV

ÉLECTIONS NATIONALES DU 14 OCTOBRE 2018.

NOS DEUX CANDIDATS

Après les élections communales en 2017, pendant lesquelles notre parti est sorti grand vainqueur, nos regards se dirigent déjà vers l'automne où les élections législatives auront lieu le 14 octobre 2018. Notre section se réjouit qu'avec Pierre MELLINA et Jean-Marie HALSDORF, deux de nos mandataires ont été retenus sur la liste électorale du CSV-Sud. Nous allons les soutenir et nous leur souhaitons plein succès.

PIERRE MELLINA

Bourgmestre de la commune de Pétange
depuis 2004
Député en 2013

JEAN-MARIE HALSDORF

Député de 1994-2004 et depuis 2013
Ministre de 2004-2013
Bourgmestre de la commune de Pétange de 2000-2004
1er Échevin depuis 2017

PLAN PLURIANNUEL D'INVESTISSEMENTS

2018 – 2023 : 178 MILLIOUNEN €

An de Joren 2018 bis 2023 sinn ausseruerdentlech Ausgabe vu ronn 178 Milliounen € virgesinn.

Dës Investissementer verdeelen sech esou:

URBANISATIOUN A GEMENGELOTISSEMENTER:

8,3 MIO. € ODER 4,7 % VUN DEN INVESTISSEMENTER

Och an dëser Mandatsperiod wäert eng vun de Prioritéite vun der Péitenger Gemeng d'Schafe vu bezuelbare Wunnenge fir jonk Famillje sinn. Um Beispill vum Lotissement „An Atzengen", wou zesumme mat der Société Nationale d'Habitations à bon marché nei Wunnméiglechkeete fir jonk Famillje geschaaf ginn, ee Projet, deen an zwee Joer esouwäit ofgeschloss wäert sinn, envisagéiert d'Gemeng Péiteng 3 weider Lotissementer ze plangen, an zwar zu Rodange bei der Cité Neiwiss, zu Péiteng um fréiere Site Eucosider an zu Rolleng an der avenue de la Gare, um aktuelle Site vun eise Gemengebetriber.

ADMINISTRATIOUN A SOZIAL WUNNENGEN:

24,6 MIO. € ODER 13,8 % VUN DEN INVESTISSEMENTER

De gréisste Projet an dësem Beräich stelle sécher déi nei Gemengegaragen op der Léngerstrooss duer. No jorelaangem Hin an Hier, hunn elo rezent d'Aarbechten endlech ugefaangen a wäerte laut Planung am Laf vum Joer 2020 ofgeschloss sinn. Parallel wäert dann d'Maison sociale an der Kuerstrooss zu Péiteng, wéi geplangt, vergréissert ginn an, nieft dem Office social, aneren administrativen Servicer aus eiser Gemengeverwaltung déi néideg Bürosraim verschafen. Desweidere wäerte mir d'Zuel vun de soziale Gemengewunnengen an den nächste Joren eropsetzen.

KULTUR, SPORT, JUGEND, TOURISMUS A FRÄIZÄIT:

35,3 MIO. € ODER 19,8 % VUN DEN INVESTISSEMENTER

Mir wäerte weiderhin an d'Kultur, de Sport, d'Jugend, den Tourismus an d'Fräizäit investéieren. Hei wäert d'Kultur mat ronn 22 Milliounen € de gréissten Deel ausmaachen. Besonnesch déi nei Museksschoul mat Auditoire an engem ënnerierdesche Parking zu Péiteng ass an dësem Beräich de Projet „Phare". Mee mir denken awer och un eng Renovatioun vum Centre culturel vu Rodange. Am Sport gëtt weiderhin an d'Verbesserung vun eise Fussballsterrainen, an de Bau vun engem regionale Liichtathletikstadion an den Ausbau vum Dëschtennissall am Centre des Loisirs sou wéi a punktuell Verbesserunge vun anere Sportsinfrastrukturen investéiert. Am Jugendberäich denke mir ënnert anerem un den Ausbau vun den Infrastrukturen, déi dem Jugendhaus zur Verfügung gestallt ginn. Och den Tourismus an eiser Regioun soll weiderhi geförderd ginn. An deem Kontext gesi mir finanziell Mëttele fir de Minett Park Fond-de-Gras vir a wëllen och am Kader vum Bau vun engem Familljenhotel am Dhoil ee Wellness Beräich schafen, deen engersäits de Gäscht aus dem Hotel an anerersäits eise Bierger Entspanung brénge soll.

D'STROOSSENINFRASTRUKTUREN, D'RESEAUEN AN D'GEMENGEPLAZEN:

66,0 MIO. € ODER 37,1 % VUN DEN INVESTISSEMENTER

Wéi an der leschter Mandatsperiod 2012 – 2017, wäert och dës Kéier de gréissten Deel vun den Investissementer fir eis Stroosseninfrastrukturen, Reseauen a Gemengeplaze reservéiert ginn. An deem Kontext gëtt an den nächste Joren un alleréischter Stell den Zentrum vu Rodange ronderëm d'Kierch fäerdeggestallt. Ganz vill Sue wäerten och an d'Erneierung respektiv d'Sanéierung vun eise Reseauen fléissen. Awer och eng Rei vu Stroosse wäerten an den nächste Joren nei amenagéiert ginn. Nach dëst Joer wäert de Gemengerot d'Pläng vun der „rue Bommert", der „rue des Alliés" an der „rue Adolphe" zu Péiteng, sou wéi vum ënneschten Deel vun der „avenue de la Gare" zu Rolleng virgeluecht kréien. Och d'Place J.F. Kennedy virum Stadhaus wäert neigestallt ginn. Ee ganz käschtenintensive Projet, d'Zone économique régionale „Grand-Bis" op der

Rodanger Grenz, ass op en Neits an dësem Plan pluriannuel ageschriwwen. Trotz de leschten 20 Joer, déi gepräägt ware vu villem Hin an Hier an esou muench Enttäuschung, hält de Péitenger Schäfferot nach ëmmer un dësem Projet fest.

PLAN PLURIANNUEL D'INVESTISSEMENTS

2018 – 2023: 178 MIO. €

Dans la période du nouveau mandat politique 2018 à 2023 des dépenses extraordinaires de 178 millions € sont prévues. Ces investissements se répartissent comme suit:

Infrastructures scolaires, Maisons-relais et Crèches
26,0 mio. € ou 14,6 % des investissements

Culture, Sport, Jeunesse, Tourisme et Loisirs
35,3 mio. € ou 19,8 % des investissements

Administration communale et Logements sociaux :
24,6 mio. € ou 13,8 % des investissements

Infrastructures routières, Réseaux et Places communales 66,0 mio. € ou 37,1 % des investissements

Urbanisation et Lotissements communaux
8,3 mio. € ou 4,7 % des investissements

Syndicats intercommunaux
6,0 mio. € ou 3,4 % des investissements

Divers
11,8 mio. € ou 6,6 % des investissements
Acquisitions immobilières, renouvellement du parc communal des véhicules, investissements aux cimetières, …

SCHOULINFRASTRUKTUREN, MAISON – RELAISEN A CRÈCHEN:

26,0 MIO. € ODER 14,6 % VUN DEN INVESTISSEMENTER

An den nächste Jore wäerte mir eis Schoulinfrastrukturen zu Rolleng, Péiteng a Rodange weider ausbauen an eis Bestriewung fir méi kannerfrëndlech Schoulhäff weiderféieren. Fir der steigender Demande vu Plazen an den Maison-Relaisen, wéi och an den Crèchen nozekommen, wäerte mir engersäits eis Capacitéit an de Maison-Relaisen an eiser Gemeng ëm weider 350 Plazen ausbaue fir dës esou op ronn 1.000 Plazen ze bréngen, an anerersäits wäerte mir de Bau vun enger 3. Crèche an d'A faassen.

INTERKOMMUNAL SYNDIKATER:

6,0 MIO. € ODER 3,4 % VUN DEN INVESTISSEMENTER

Op Grond vun den disponibelen Zuele vun den interkommunale Syndikater, déi eis fir de Moment virleien, sinn 6 Milliounen € fir d'Bedeelegung un den aussergeweinlechen Ausgabe vun den interkommunale Syndikater virgesinn.

VERSCHIDDENES:

11,8 MIO. € ODER 6,6 % VUN DEN INVESTISSEMENTER

Am Laf vun dëser Mandatsperiod sinn eng Rei vu verschiddenen ausseruerdentleche Depense virgesinn, wéi zum Beispill eng budgetär Reserv fir d'Acquisitioun vun Terrainen oder Gebaier, eng Enveloppe budgetaire fir d'Erneierung vum Fuerpark vun der Gemeng oder eng Zomm fir d'Erneierung vun eise Kierfechter.

Pierre Mellina, Buergermeeschter

CSV - EVENTS
AGENDA

KEELENOWEND
30.06.2018 ab 16:00 Auer
Centre National de Jeux de Quilles

SUMMERFEST
08.07.2018 ab 11:30 Auer
Gemengeplaz

BAYRESCHEN OWEND
29.09.2018 ab 20.00 Auer
Home St. Hubert

CSV PÉITENG CSJ PÉITENG

den 8. Juli 2018 zu Péiteng op der Gemengeplaz

SUMMERFEST

Boissons, gnocchis, grillades, gaufres
Belle tombola et plein d'animations pour enfants et adultes durant toute la journée

FIFA

Tournoi FIFA sur PS4
organisé par la CSJ
Inscriptions sur place

PROGRAMME

11:30 - 12:15: Concert Apéro: Harmonie Rodange & Lamadelaine
12:30 - 13:30: Zumba Kids Jr / Zumba Gold / Zumba Kids / Zumba Toning / Zumba Ados
14:00 - 14:30: ZChicas Team
15:00 - 18:00: Vocals on Tour

CSJ PÉITENG

invitéiert op hiren traditionellen

BAYRESCHEN OWEND

Wéini?
den 29. September 2018 um 20 Auer
Wou ?
am Home St. Hubert zu Péiteng

Setzplatz + Menu + Digestif = 30 EURO

Musek vun deenen 2 Groen

Reservéiert elo schonn är Platzen!
per Telefon: 621.758.175
per E-mail: csjpeiteng@csj.lu

Ab 23 Auer:
Entrée: 5 EURO

CSJ

KEELENOWEND
BASS DU JONK, MOTIVÉIERT, A WËLLS EN ËNNERSCHEED MAACHEN?

Gëff politesch aktiv a setz dech zesumme mat eis fir eng besser Zukunft an. Fir ons kennenzeléieren, komm laanscht op eise Keelenowend.

DEN 30. JUNI 2018
AB 16:00 AUER
Centre National de Jeux de Quilles,
Rue Pierre Hamer, L-4702 Pétange
Umeldung: csjpeiteng@csj.lu